

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg verfüügt iwwert eng Rei vu legislativen Texter fir den nationalen an internationale Fluchverkéier ze reegelen. Déi verschidden Texter decke souwuel privat kommerziell Flich, wéi déi vum Staat an doriwwer raus eng Rei Sonnerfäll, wéi zum Beispill medezinesch Flich an den Asaz vun Helikopteren an der Vitikultur of. Ee Beräich, deen zu Lëtzebuerg besonnesch ausserhalb vum Findel aktuell awer kaum exploitéiert gëtt, ass dee vu private Flich mam Helikopter, notamment mat där eegener Residenz als Start- oder Landepunkt. Esou wéi et mir zougedroe gouf, huet e Privatmann allerdéngs elo seng Gemeng am Norden vum Land ëm eng Geneemegung ugesicht, fir dierfen eng entspreichend Infrastruktur ze installéieren.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Verfuegt Lëtzebuerg aktuell iwwert e legale Kader, deen de Fluch mam Helikopter vun a bei privat Residenzen am Kader vum perséinleche Bedarf an/oder kommerziellen Aktivitéiten, ewéi zum Beispill Tourismus reegelt? Falls jo, kann d'Regierung da preziséieren, a wéi ville Prezedenzfäll dës Gesetzer bis ewell applizéiert goufen?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen ewéi eng Geneemegungsprozedur déi betraffe Gemeng am Fall vum Accord vun esou enger Demande muss anhalen a mat wéi engen nationalen Instanzen, notamment aus dem Beräich vun der Loftfaartiwwerwaachung- a Sécherheet si sech dobäi muss koordinéieren?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen mat ewéi engen internationalen Instanzen d'Prozedur misst koordinéiert ginn, fir de Fall, datt déi betraffe Start- a Landeplaz och fir grenziwwerschreidend Flich genotzt gëtt?
- 4) Kann d'Regierung matdeelen a wéi engem legislativen Text de Lärmschutz vun de Residenten ronderëm gegebenefalls gereegelt wier?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten